



Äntwert vum Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, op d'parlamentaresch Fro n° 5713 vum 8. Februar 2022 vum honorabelen Deputéierten André Bauler.

Wéi gesäit de geneeën Timing vum Chantier aus? Wéini kéinten d'Aarbechten ufänken? Ass d'Ausschreiwungsprozedur schonn ugelaft?

Zum Timing vum Chantier kann ee soen, dass de Soumissiounsdoossier fir dat éischt Lous (Tranchée Couverte, Lot b1) momentan vun der Stroossebauverwaltung finaliséiert gëtt a wann all déi néideg Ëmweltgeneemegunge virleien, kann dann och uschléissend d'Ausschreiwungsprozedur gestart ginn.

Deementspreechend kéint ee fréistens Enn 2022 mam éischten Deel vum Contournement ufänken.

Wat soen déi geologesch Studien iwwer den Zoustand vum Terrain aus, op deem den Tracé realiséiert soll ginn?

Wat de weideren Tracé no der Fäerdegstellung vum éischte Lous ubelaangt, si just plazeweis geologesch Studien am Beräich vun den Ouvragen nach net ofgeschloss. D'Erkenntnesser aus dëser Studie fléissen uschléissend an den Exekutiounsdoossier an. Dës Erkenntnesser kënnen dann en Afloss op den Typ an d'Déift vun de Fondatiounen hunn.

Wat fir eng spezifesch Kompensatiounsmaassname mussen duerchgefouert ginn?

Wat d'Kompensatiounsmaassname betreffend dem Projet vum Contournement vun Housen ubelaangt, schaffen d'Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung an de Minister fir Mobilitéit an den ëffentlechen Aarbechten enk zesumme fir déi beschte Léisunge fir d'Ëmwelt ze fannen.

Sou sinn zum Beispill direkt beim Contournement Magerwiesen, Bëschstrukturen, Hecken, an esou weider virgesinn.

Zousätzlech gëtt fir d'Villercher, wei den Neuntötter an d'Feldlärche, an der direkter Ëmgéigend een neie Liewensraum geschaaft.

Et ass och geplangt eng Wëldebréck iwwer de Contournement ze bauen, dës steet awer a Relatioun zu de Kompensatiounsmaassnamen am Kader vum Projet vun der Transversale vu Klierf.

Lëtzebuerg, den 9. Mäerz 2022

De Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) François Bausch